LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°2118 vum 19. März 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d' « Assemblées générales de copropriétés par vidéoconférence ».**

1. **Wäert d'Regierung Ännerungen um Gesetz virhuelen, fir dass d'Assemblées générales vu Co-Proprietéiten an Zukunft och an digitaler Form kënnen organiséiert ginn?**

   **Falls nee, firwat net?**

Als Äntwert op dem Här Deputéierten Marc Georgen seng Fro betreffend d'"Assemblées générales de copropriétés par vidéoconférence", gëtt ënnerstrach dass den Departement fir Wunnengsbau deemnächst de Groupe de travail - Copropriété wäert relancéiere fir d'Gespréicher mat de betraffenen Acteuren am Kader vun der geplangter Reform vum Gesetz iwwert d'Co-Proprietéiten opzehuelen (loi modifiée du 16 mai 1975 portant statut de la copropriété des immeubles bâtis). An dësem Aarbechtsgrupp sëtze Vertrieder aus verschidden ëffentleche Verwaltungen, aus dem Groupement des syndics professionnels du Grand-Duché de Luxembourg, esou wéi aner wichteg Acteuren déi en direkten oder indirekte Lien hu mat de Co-Proprietéiten.

An dësem Aarbechtsgrupp soll ënnert anerem iwwert Theme wéi d'Aféiere vun der Videokonferenz am Kader vun den Assemblée générale vu Co-Proprietéiten diskutéiert ginn, fir an nächster Zukunft zu engem éischten Entworf vun engem Gesetzestext ze kommen den sech den Erausfuerderunge vun der aktueller Zäit unhëlt.

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2025

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch